Seite 64 Tageblatt

Sa./So., 28./29. Oktober 2006 •

Betrëfft: Dout am Prisong

Här Justizminister,

Den Donneschten, 12. Oktober, ass erëm an ewéi esou oft en Inhaftéierten aus onerkläerleche Grënn gestuerwen.

Dat ass – oder kënnt – esou iwerraschend, wou et dach feststong, dass den M.S. sollt de Méinden, de 16. Oktober entlooss ginn.

Den M. ass an de Congé accompagné gaangen. Dat heescht, en ass vun engem Member vum SCASS, vum SPSE oder vum Prisongspersonal begleet ginn.

Den M. ass ouni Zwëschefall oder ouni besonnesch Virkommnisser aus sengem Congé an de Prisong zeréckgaangen, an dat well e jo véier Deeg méi spéit sollt entlooss ginn.

Laut menge Kenntnisser huet den Här M., wéi en zeréckgaangen ass, véier Boulen Heroin mat erageschmuggelt, déi e während sengem Ausgang kritt huet.

Meng Fro un Iech, Här Minister, ass déi heiten: Kann et sinn, dass den Här M. un enger Iwwerdosis Heroin am Zesummenhang mat Methadon a Medikamenter gestuerwen ass?

Et ass jo kaum unzehuelen, dass den Här M. un engem Häerzinfarkt gestuerwen ass, deen en aus Freed iwwert seng bevirstehend Entloossung getraff huet.

Wéi ass et also méiglech, dass e Fräigänger, wuel bemierkt a sougenannter professioneller Begleedung, sech kann Drogen egal wéi enger Natur beschafen?

Wéi ass et méiglech, dës Drogen mat op seng Zell ze kréien, wou Fräigänger dach starken, oder besser gesot strenge Kontrollen ënnerzu ginn, bevir se hir Zell kënnen opsichen?

Et deet mär leed, feststellen ze mussen, dass dat heiten net deen éischten Doudeschen a wahrscheinlech – wann et ënnert dësen Ëmstänn weider geet – nach laang net dee leschten ass.

Laut deem, wat de Bierger oder wat d'Vollek vun den zoustännegen Autoritéiten zënter laangem ze héiere kréien, hätt Dir d'Prisongswiesen ënner Kontroll.

Eng Ausso, déi ze wënschen iwwresch léisst, zielt een déi Persounen zesummen, déi net enges natierlechen Doud an de leschte Joeren am Prisong gestuerwe sinn.

An der Hoffnung op eng Stellungnam äerersäits Här Minister verbleiwen ech,

Marceline Goergen